

# d'Peffermillen

Den LCGB-Nationalpresident ass bekannt, fir de Mond heiansdo e bëssche voll ze huelen. Dat viregt Joer hate jo di öffentlech Schoul fir faillite erkläert. Dëst Joer huet e fir d'Rentrée de Gréngé virgeworf, Populismus an Demagogie ze bedreiwe, well si d'Thema 700 000-Awunner-Staat zum WalkampftHEMA (am Joer 2004) wëlle man. De Koschter muss zouginn, dass muench Lieserbréif-Schreiwerten effektiv populistesch bis nationalistesch Téin uschloe, wa se sech mat deem Thema ofginn. Mä en hat alt gemengt Wale wäre grad dofir do, fir iwwert Froen ze diskutieren, wi waffer Konsequenze 700 000 Awunner fir Lëtzebuerg wäerten hunn a wéi d'Politik onst Land dorop misst virbreeden. De Koschter fënnt, dass onst demokratescht Spill dann emol eng Kéier op Grond vun enger seriöser Debatt iwwert ons Zukunft géif entscheed ginn, amplaz ëmmer nëmmen iwwert Renteproblemer a soss materiell Suergen, di vun de Gewerkschaften à la LCGB héichgespillt ginn.